**Dépôt : BRAZ Liz**
Groupe politique LSAP
HA – service militaire obligatoire

Lëtzebuerg, de 22. Januar 2024

1

# MOTIOUN

**D'Chamber stellt fest**

- datt déi aktuell geopolitesch Situatioun an déi international Opréschtung méi Investitiounen an de militäresche Service mat sech bréngen, wat vun engem méi strukturéierten an diversifizéierten nationale Resilienzkonzept sollt begleet ginn;
- datt eng Kombinatioun aus militärescher an ziviller Virbereedung Lëtzebuerg méi resilient an der Verdeedegung a Krisereaktioun soll maachen;
- datt de Benevolat eng zentral Roll fir d'Gesellschaft an de sozialen Zesummenhalt spillt;
- datt eng strukturéiert Férderung vun ënnert anerem sozialen, medezineschen, technologeschen an ökologesche Kompetenzen duerch e Gesellschaftsdéngscht der individueller Entwécklung an der kollektiver Virbereedung op Krisenzäit ka bäidroen;
- datt d'Mobiliséierung vu Ressourcen a Kompetenzen aus der Bevëlkerung am Fall vu Katastrophen essenziell fir eis national Resilienz ass;
- datt e gutt koordinéierten a staatlech ënnerstëtzten Zivildéngscht eng Plus-Value fir Gesellschaft a Bedeelegter ass.

**D'Chamber fuerdert d'Regierung op**

- bei engem fräiwëllege Militärdéngscht ze bleiwen;
- d'Attraktivitéit vun der Lëtzebuerger Arméi duerch Upassungen um Niveau vun den Aarbechtskonditiounen an de Karriärsméiglechkeeten verstäerkt ze promouvéieren;
- bannent engem Joer der Chamber e Konzept fir en neie Gesellschaftsdéngscht virzeleeën, deen op fräiwëlleger Basis funktionéiert a méi Bierger motivéiert, mat hire Kompetenzen zur nationaler Resilienz bäizedroen;
- d'Schafung vun engem "Skill-Mapping" ze préiwen, fir d'Kompetenzen an der Bevëlkerung ze dokumentéieren.

**Signature (s) :**

Liz Braz